

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Mee 2022

## Oppene Bréif

Här President,

Mat dësem oppene Bréif wéilte mir Är Opmierksamkeet op eng potenziell Incompatibilitéit vu Mandater lenken, déi den honorabelen Deputéierte François Benoy géif betreffen.

Den honorabelen Deputéierte gëtt a senger "déclaration des intérêts financiers" un, dass hien eng Indemnitéit als President vum "Observatoire de l'Environnement" bezitt, déi an der Gréisstenuerdnung tëschent 1 a 5.000 Euro läit.

Den Observatoire ass, nom Artikel 2 vum Gesetz vum 3. August 2005 "*concernant le partenariat entre les syndicats de communes et la restructuration de la démarche scientifique en matière de la protection de la nature et des ressources naturelles*", dem Ëmweltministère ënnerstallt, deen an dësem Gremium zwee Verrieder zegutt huet. Den honorabelen Här Deputéierte Benoy ass ee vun deenen zwee Verrieder vum Ëmweltministère.

D'Gesetz präziséiert d'Hierarchie tëschent dem Observatoire an dem Ëmweltministère: "Il est créé un observatoire de l'environnement naturel (...) placé sous l'autorité du ministre ...". Op der Websäit [emwelt.lu](http://emwelt.lu) (portail de l'environnement) gëtt d'Missioun vum Observatoire esou beschriwwen: "*Le rôle de l'observatoire est d'aider le Ministre ayant l'environnement dans ses attributions et ses partenaires, notamment les syndicats communaux, à définir les orientations de la politique en matière de la protection de la nature (...)*".

Aus dësen Tatsaache muss een dës Conclusioun zéien:

- E Member vun der Chamber, dee jo u sech soll d'Regierung kontrolléieren, üübt eng Aktivitéit als President vun engem Organ aus, dat der Autoritéit vun engem Member vun der Regierung ënnerstallt ass. Hie gouf vun deem Member vun der Exekutiv als Verrieder vu sengem Ministère an dee Gremium genannt a gëtt och dofir bezuelt. Dëst Organ, dat also aktuell vun engem Deputéierte presidéiert gëtt, soll dem Ëmweltminister hëllefen seng Politik ze definéieren, déi jo awer sollt vun den Deputéierte kontrolléiert ginn.

D'ADR erkennt heiran e méiglechen Interessenkonflikt am Sënn vun engem Verstouss géint d'Gewaltentrennung.

Si erënnert un den Artikel 58 vun eiser Verfassung:

“Le député, nommé par le Gouvernement à un emploi salarié qu’il accepte, cesse immédiatement de siéger et ne reprend ses fonctions qu’en vertu d’une nouvelle élection”.

Déi fréier Ëmweltministesch, déi viru Kuerzem demissionéiert huet, hat keen Interessekonflikt an där beschriwwener Situatioun wëllen erkennen. D’ADR kann déi Aschätzung net deelen.

Fir eis héicht Haus virun all Schued vun eventuellen Interessekonflikter ze schützen, biede mir Iech dës Situatioun rechtlech ze iwwerpréiwen.

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



Fernand Kartheiser  
Deputéierten

ADR - Groupe parlementaire  
ADR - Parti politique

25, Énneschtgaass  
11, Biirkelter Strooss

L-2240 Luxembourg  
L-6552 Bärtreff

Tel. : (+ 352) 463742  
Tel.: (+352) 2620 3706